PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Cultes weiderzeleeden.

A Frankräich huet eng onofhängeg Ënnersichungskommissioun Fäll vu Pédocriminalitéit an der kathoulescher Kierch ënnersicht. Duerch 2,5 Joer Recherchë vun deelweis 70 Joer alen Donnéeën hunn déi Fräiwëlleg vun der Kommissioun Sauvé iwwert 300'000 Affer fonnt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. D'Affer vu (sexuellem) Mëssbrauch duerch d'Membere vun der kathoulescher Kierch kënnen sech iwwert Telefon (621-676349) oder Email (fir-iech-do@cathol.lu) bei der Kierch mellen oder, esou wéi och all aner Affer vu Gewalt iwwert déi staatlech Hotline (20601060) vu violence.lu hëllef kréien. Wéi ginn aner Glawensgemeinschafte mat dësem Thema em? Hunn aner Glawensgemeinschaften och spezifesch points de contact?

2. Denkt d'Regierung, dass hei weider Ënnerstëtzungsmoossname fir d'Affer néideg sinn?

3. Gëtt an den Ae vun der Regierung genuch gemaach, fir Fäll vu Mëssbrauch durech d'Kierch opzedecken?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député